N°4559
Entrée le 09.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°4559 vum 31 Juli 2026 vun der honorabeler Deputéiert Claire Delcourt**

De Kampf géint all Form vu geschlechstbaséierter Gewalt ass eng vun den Haaptmissioune vum Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit (MEGA). De Schutz an d'Ënnerstëtzung vun den Affer bilden dobäi ee vun de wesentleche Piliere vun der alldeeglecher Aarbecht vum Ministère.

De Centre National pour Victimes de Violences (CNVV) dréit zu dëser Missioun bäi, a bitt all Affer vu Gewalt eng nidderschwelleg Ulafstell an eng ambulant Prise en Charge, déi individuell op hir Besoinen ofgestëmmt ass. De CNVV ass eng komplementär Offer déi a Synergie mat dem bestoenden nationalen Dispositif funktionéiert. D'Réorientatioun vun den Affer u spezialiséiert Servicer, déi mëttel- a laangfristege Suivi assuréieren, ass deemno e wichtege Bestanddeel vum Konzept vum CNVV.

Zënter der Ouverture bis den 31.07.2026 hunn sech insgesamt 777 Affer vu Gewalt un den CNVV gewant, vun deenen 338 Persounen eng Prise en charge op der Plaz gefrot a kritt hu. Dës Zuele weisen, datt den CNVV eng wichteg Ergänzung vum bestoenden Hëllefs- a Betreiungsdispositif duerstellt an datt dës Offer vun den Affer vu Gewalt konkret an Usproch geholl gëtt.

1. **Wéi vill vun den Affer, déi zanter der Ouverture vum CNVV en Charge geholl goufen, hunn no der éischter ambulanter Betreiung eng längerfristeg psychologesch, sozial oder juristesch Begleedung, respektiv eng Weider Orientéierung un eng aner Struktur gebraucht?**
2. **Konnt dës weider Begleedung an all de Fäll garantéiert ginn? Wa net, wéi vill Persoune konnten net direkt weider betreit oder orientéiert ginn, a wat waren d'Grënn dofir?**

Äntwerten op d'Froen 1 an 2

Den CNVV empfänkt all Affer vu Gewalt a bitt hinnen eng Hëllef un, déi op hir individuell Besoinen an Demanden ofgestëmmt ass. Dozou gehéiert och, wann néideg, d'Orientéierung un extern spezialiséiert Partner, déi e mëttel a laangfristege Suivi ubidden.

Ongeféier 74% vun de Persounen, déi direkt am CNVV betreit goufen, sinn u méi spezialiséiert Servicer fir e mëttel a laangfristege Suivi weider orientéiert ginn. Dës Zuele spigelen de Fonctionnement vum CNVV, deen als ambulant Éischt-Ulafstell komplementar zum bestoenden Dispositif funktionéiert an a Synergie mat den aneren Acteuren aus dem soziale Secteur schafft.

Affer déi den CNVV just per Telefon oder Email kontaktéieren an net op der Plaz betreit ginn, kréien och ëmmer Informatiounen iwwert déi bestoende Servicer, un déi si sech fir eng weider Begleedung wende kënnen.

3. **Wéi huet sech dës Waardezäit tëscht dem 1. Mee 2026 an haut entwéckelt, am Verglach mat der Period virdrun?**
4. **Sinn et zanter der Ausweidung vun den Ëffnungszäite Fäll ginn, bei deenen Affer net direkt konnte betreit ginn oder op eng Waardeléscht hu misse gesat ginn? Wa jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech?**

<u>Äntwerten op d'Froen 3 a 4</u>

Aktuell gëtt et am CNVV keng Waardeléschte fir en Éischtgespréich. Affer, déi sech un den CNVV wenden, kënnen deemno direkt empfaangen an am Kader vun der éischter Prise en charge akut betreit ginn.

Am Fall wou en Affer zousätzlech zu dëser akuter Betreiung, e Gespréich mat engem Psychologe oder enger Psychologin vum CNVV respektiv eng juristesch Berodung ufreet, kann et opgrond vun der héijer Demande punktuell zu Waardezäite kommen. Dës Waardezäit läit aktuell bei ongeféier enger Woch.

5. **Wéi erkläert d'Madamm Ministesch déi staark Hausse vun der Zuel un Demanden an de leschten zwee Méint? Leien dem Ministère Elementer vir, déi drop hindeiten, datt et sech ëm: eng verbessert Accessibilitéit vum Service, eng méi héich Bekanntheet vum CNVV, eng méi héich Bereetschaft, Gewalt unzemellen, oder eng tatsächlech Hausse vu Gewaltfäll handelt?**

D'Hausse vun den Demanden an de leschte Méint kann duerch verschidde Facteuren erkläert ginn.

Engersäits ass dës Entwécklung op déi verlängert Auerzäiten zeréckféieren. Duerch de Fait, dass den CNVV selwer 24/7 op ass, kënnen Affer, onofhängeg vun hirer perséinlecher Situatioun an dem Zäitpunkt, zu deem si Hëllef brauchen, méi einfach op d'Offer vum CNVV zeréckgräifen. Zousätzlech huet den CNVV zënter dem 1 Mee 2026 d'Gestioun vun der éischter nationaler 24/7-Helpline fir Affer vu Gewalt iwwerholl. Dës huet d'Accessibilitéit vum Service weider verbessert an och zur Hausse vun den Demandë bäigedroen.

Anerersäits spillt awer och déi gutt Verankerung vum CNVV am nationalen Dispositif an déi cibléiert Promotioun vun dëser néier Struktur iwwert eng national Sensibiliséierungscampagne iwwert geschlechtsbaséiert Gewalt eng wichteg Roll.

Nieft der Promotioun an de sozialen Netzwierker, den nationale Medien an am ëffentleche Raum, huet d'Informatioun u Gemengen, Schoulen, institutionelle Partner an der Zivilgesellschaft de Bekanntheetsgrad vum CNVV erhéicht an zur Hausse vun den Demandë bäigedroen.

Déi aktuell Donnéeën erlaben et allerdéngs net, aus der Hausse vun den Demanden un den CNVV eleng op eng tatsächlech Hausse vun de Gewaltfäll zu Lëtzebuerg ze schléissen.

6. **Gëtt dës Entwécklung vum Ministère systematesch analyséiert? Wa jo, no wéi enge Critèrë gëtt evaluéiert, wéi eng Facteuren zu dëser Hausse bäidroen?**

Den CNVV gouf den 29 Abrëll 2025 als Pilotprojet lancéiert, a seng Entwécklung gëtt säitdeem vum *Comité d'accompagnement pour la réalisation du Centre National pour Victimes de Violence* begleet. Dëse Suivi erlaabt et, d'Entwécklung vum Centre an d'Notzung vu senger Offer kontinuéierlech ze beobachten an ze evaluéieren. E wichteg Instrument an dësem Kontext ass d'Erhiewung vu cibléierte Statistiken. Dobäi gëtt notamment d'Entwécklung vun den Afferzuelen an der Notzung vun den ënnerschiddlechen Offere vum CNVV suivéiert.

7. **Sinn zousätzlech personell oder finanziell Moyene virgesinn, fir dem héije Besoin gerecht ze ginn? Wa jo, wéi eng konkret Mesurë sinn geplangt a bis wéini?**

Aktuell besteet d'Ekipp vum CNVV aus 20 Mataarbechterinnen a Mataarbechter, wat 13 ETP entsprécht. Dës Ekipp assuréiert d'Prise en Charge vun Affer 24 Stonnen op 24 a 7 Deeg op 7 Deeg. Dës permanent Accessibilitéit an Disponibilitéit ass e wesentleche Bestanddeel vum Konzept vum CNVV a garantéiert, datt Affer vu Gewalt zu all Moment op eng professionell Éischt-Ulafstell zeréckgräife kënnen.

Fir dës Offer ze assuréiere, beleeft sech de Budget de Fonctionnement vum CNVV aktuell op ronn 1,8 Milliounen Euro d'Joer. Am Verglach mam Lancement vun der Pilotphas am Joer 2025 entsprécht dëst, souwuel wat d'Personal wéi och wat déi finanziell Moyenen ugeet, ongeféier enger Verdueblung vun de Ressourcen.

Momentan ass et nach ze fréi, fir ofschléissend anzeschätzen, op eng weider Erhéijung vum Budget, respektiv eng Upassung vum Personalschlëssel néideg wäert sinn, fir der eventuell steigender Demande och mëttel- a laangfristeg gerecht ze ginn.

Lëtzebuerg, den 8. September 2026

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes